InFiNe
Inclusive Finance Network
Luxembourg

# Carte blanche RTL radio 26 Februar 2016

Michel Maquil, Président de InFine.lu

**Version luxembourgeoise**

**EMBARGO jusqu'au 26 février à 8:00 heures**

Den 18 Juni 2013, hunn d'Länner vum G8 d"Open Data Charter" ënnerschriwwen, woubäi si sech engagéiere fir eng Grousszuel vu weesentlechen Daten, déi net ënnert den Dateschutz falen, op eng transparent an normaliséiert Aart a Weis fräi iwwer Internet zougänglech ze maachen. Esou solle genee Daten z.B iwwer d'Extraktioun vu Rohstoffer oder iwwer d'Produktioun vu Liewensmëttelen an alle Länner opgestallt an zougänglech gemaach ginn. Déi Informatioune bestinn zum gréissten Deel, mä et geet drëm se esou ze vervollstännegen an ze formatéieren datt se fräi an ouni Käschte fir jiddereen accessible a verwäertbar sinn. Ouni esou eng Aart Daten oder Informatiounen ass déi Digital Economie esou gutt wéi onméiglech.

Rohstoffer a Liewensmëttelen si nëmmen ee Beispill ënner villen Daten déi een esou zougäenglech ka maachen

Domatter sollen esou wuel d'Regierunge wéi och déi grouss Industrie- a Finanzkonglomeraten zu méi Transparenz bruecht ginn a gläichzäiteg soll e Potential entstoen fir dass nei a weesentlech besser Servicer ugebuede kënne ginn.

D'Europäesch Unioun huet sech ganz fréi engagéiert fir eng Politik vun Open Data a stellt och hir Daten massif dem breede Publikum fräi zur Verfügung. Et kann een dervun ausgoen datt d'EU eng vun den transparensten Organisatiounen ass. Natierlech sinn och déi eenzel Memberstaate ugehalen sech an deem Domaine unzestrengen. Duerfir ass een "Digital Agenda Scoreboard" opgestallt ginn laut deem dann all Member Land no 6 Kritäre gemooss gëtt wat seng Efforte am "Open Data" betrëfft.

An dësem Scoreboard fällt op datt Lëtzebuerg, ënnert den 28 Memberstaaten, generell eng mëttelméisseg Leeschtung bréngt. Besonnesch Suerge mécht ee sech awer, wann ee feststelle muss datt Lëtzebuerg quasi “lanterne rouge” ass am Domaine vun den ëffentlechen Déngschter, déi iwwer Internet ugebuede ginn, esou wéi bei ëffentlechen Daten déi iwwer Internet zougänglech sinn. An dësem läschten Domaine steet eist d'Land op der 26. Plaz just viru Bulgarien a Kroatien. (https://ec.europa.eu/digital-agenda/en/scoreboard/luxembourg).

E Land wéi Lëtzebuerg wat kämpft fir säi gudden Image no baussen a gläichzäiteg an der digitaler Economie eng Schlësselroll wëllt anhuelen, misst beim Open Data ee Virreider sinn.

Déi Avantagen, déi déi digital Economie bréngen, sinn net nëmme wichteg fir d'Weiderentwécklung vun eisem Land, mä och fir déi vun deenen anere Länner. Esou waarden an der Entwécklungshëllef vill Leit mat Ongedold drop datt sech hei méi deet. Well duerch den Accès un esou Informatioune gëtt et méiglech eng vill méi geziilten an efficace Aktioun an den Entwécklungslänner ze plangen, duerchzeféieren an esou guer ze steieren. Déi modern Informatik Infrastrukturen erlaben eben fir gigantesch Zuele vun Daten ze sammelen an zilgerecht ze verwäerten.

Duerfir ass et dréngend noutwenneg datt hei zu Lëtzebuerg grouss Efforten ënnerholl ginn, fir dëse Retard esou schnell wéi méiglech gutt ze maachen.